



Groupe parlementaire

N° 7020
Entrée le 19.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.10.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Iwwerstonnen an eise Schoulen hu sech duerch d'Pandemie, mee och allgemeng duerch de chronesch Personalmangel zu engem Dauerthema entwéckelt. Vill Léierpersounen am Fondamental an an de Lycéeën weisen drop hin, datt si ëmmer méi Iwwerstonne leeschte mussen, a sinn och net zefridden doriwwer, wéi dës Iwwerstonne bezuelt ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister preziséieren, wéi genau d'Iwwerstonnen am Enseignement fondamental an an de Lycéeën bezuelt ginn?
- 2) Wéi eng Mesurë gedenkt den Här Minister ze ergräifen, fir ze verhënneren, datt am lafenden an an de kommende Schouljoren d'Zuel vun den Iwwerstonnen, déi am Fondamental an an de Lycéeën ofgeleescht musse ginn, net weider an d'Lut geet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 7020 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Ad 1)

Am Enseignement fondamental gëtt ënnerscheet tëschent de *Leçons supplémentaires régulières* an de *Leçons supplémentaires occasionnelles*. An dësem Kontext sinn d'*Leçons supplémentaires régulières* déi Iwwerstonnen, déi an der Schoulorganisatioun am Ufank vum Joer festgehalen ginn a beispillsweis dann entstinn, wann een Enseignant eng Décharge (z. B. als Schoulpresident, Coordinateur de Cycle o. ä.) unhëlt a sech fir déi geleeschten Aarbecht am Kontext vun dëser Décharge net fräistellen léisst. Am Géigesaz heizou sinn d'*Leçons supplémentaires occasionnelles* déi Iwwerstonnen, déi net previsibel am Laf vum Joer entstinn (z. B. wann een Enseignant ee Remplacement assuréiert oder eng nei Décharge iwwerhëlt). Heibäi ass wichteg ze betounen, datt all Iwwerstonn, onofhängeg op et eng regelméisseg oder onregelméisseg Iwwerstonn ass, op fräiwëlleger Basis geleescht gëtt.

Am Enseignement secondaire gëtt dës Ënnerscheedung net gemaach. En Enseignant, deen Iwwerstonne leescht, huet zwou Méiglechkeeten: E kann dës entweder ausbezuelte kréien, oder se, bis op ee Maximum vun 20 % vu senger Tâche, op säi Compte épargne temps (CET)¹ setzen.

Am Enseignement fondamental ginn d'Iwwerstonnen no den Dispositiounen vum Artikel 17 vum *Règlement grand-ducal du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental* ausbezuelte; am Enseignement secondaire applizéieren sech d'Dispositiounen vum Artikel 13(3) vum *Règlement grand-ducal du 24 juillet 2007 portant fixation de la tâche des enseignants des lycées et lycées techniques*.

Ad 2)

Moyenne vu wéchentlechen Iwwerstonnen pro Schouljoer an Ordre d'enseignement

	2017/2018	2018/2019	2019/2020	2020/2021	2021/2022
EF	1.626	1.602	3.991	2.106	2.200
ES	7.113	8.110	10.196	9.720	10.218

¹ Artikel 5 vun der Loi modifiée du 1^{er} août 2018 portant fixation des conditions et modalités d'un compte épargne-temps dans la Fonction publique

Souwuel am Enseignement fondamental wéi am Enseignement secondaire huet sech d'Unzuel un
Iwwerstonne an de leschte Jore stabiliséiert. Den Educationnsministère wäert awer weiderhin Efforte
beim Recrutement vu Léierpersonal maachen.

Lëtzebuerg, den 22. November 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH